# " Och eng Spîcht vum Rènert."

x Stroph licht ofgeännert

Well lo gesin ech richteg

We' Dir behandelt go'ft

An dass Dir ganz zu Onrecht

Am Hannerdreiwen blo'ft.

x Mir hun lo sein Verspriechen,
t'gèt alles fein an d'Reih.
Wann nès e Kuch verdèlt göt,
mir wîren och derbei.

x Mä émol ass all Döppen
och d'allergre'ssten voll,
mir lôssen eis nöt ströppen
Gerièds ass nach keng Woll.

x Mä dât ass lo eriwer!
Et gèt ons däers dur!
Mir gin lo bei de Rènert;
Mir wârden nöt bis mur!

Mä d'Wârden ass eriwer,
a mir sin op der Hutt.
Mir halen drop,ze soen:
"Verlângt wât mir zegutt"!

Den Adler soll berappen,
Wât hien ons schölleg ass
Nôm gudden,âlen Sprechwuert:
"Berapp,da bass de lass!"

A mir kt Iech ènt Här Rènert:
Mir gin es nîmôls midd
Iech ömmer nès ze soen,
Datt mir onst Recht nöt kritt.

x Här Fûss,sei Pelz ass propper,
Do könn der secher sin.
E wönscht blo'ss Fridd an Zocker
de' sollen mir em gin.

An dach!Et wär mer le'wer,
Wann hien an all se'ng Rass,
Fir ömmer do wär bliwen,
Vu wo. en hir komm ass!

An dach ko'm hien nöt hèmlech,
We' hat en sech gefrèt,
Schon zönter Me'nt a Joren,
Sech dorop vîrberêt!

x So' we' an all de Jôren,
So' soll et viru sin:
Wa mir zum Marsch opruffen,
mir all zesummen gin!

Mir wöllen nie vergiessen
Wat alles mir erdrôn,
Ons ömmer drun erönneren,
A fest zesummestôn.

Si go'wen dichteg Hären;
E jidde krût e Schlass,
Därbanns dén domme Finett
Am Dreck getröppelt ass.

x De Finett sötzt ze wârden
Hien ass am gudde Glâf:
Eng Plôschter wàrd nach kommen!
Hien wârd drop bis an d'Grâw.

x A we' him nach vum Cose'ng
E Gielchen ömgehâng,
Ass d'Sâch vum ârme Finett,
Beim Pättche flète gâng.
(Schampes)